

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 23. Abrëll 2021

Här President,


sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Rezent goufen dem englesche BBC Video-Opnamen zougespillt, déi d' Scheicha Latifa, Duechter vum emiratesche Ministerpresident Mohammed bin Raschid al-Maktum, an enger verzweiwelter Situatioun weisen. D'Scheicha Latifa gëtt vu sengem Papp agespaart, e Fluchtversuch viru ronn zwee Joer war gescheitert. Och d'Schwëster vum Scheicha Latifa gouf, nodeems si probéiert hat, ze flüchten, erëm vun hirem Papp gefaange geholl. An deem Kontext fuerdert *Human Rights Watch* d'Fräילוassung vun deenen zwee.

An deem Kontext géif ech dem Här Minister gär dës Froe stellen:

1. Ginn et vu Säite vun der Lëtzebuenger Regierung Beméiungen, sech am Hibleck op d'Anhale vun de Mënscherechter an der Vereenten Arabeschen Emirater ze engagieren? Wa jo, wéi gesinn dës Beméiunge konkret aus?
2. Wéi gestalten sech d'Handelsbeziéungen tëscht Lëtzebuerg an de Vereenten Arabeschen Emirater? Huet d'Verletzte vun de Mënscherechter en Afloss op d'Handelsbeziéungen tëscht Lëtzebuerg an de Vereenten Arabeschen Emirater?
3. Wat geschitt op EU-Niveau, fir sech géint d'Verletzte vun de Mënscherechter an de Vereenten Arabeschen Emirater ze engagieren? Bedeelegt Lëtzebuerg sech un dëse Beméiungen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten